N°538
Entrée le 26.03.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 26.03.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 26/03/2024

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Famill, Solidaritéit an Integratioun weiderzeleeden.**

D'Verwaltungsgeriicht huet rezent jugéiert, dass de Staat engem Flüchtling, deen eleng geflücht war, op Basis vun eiser Gesetzeslag net kann eng Wunneng refuséieren (Arrêt n° 50138R.  E Verweis op kuerzfristeg Léisungen, wéi zum Beispill d'Wanteraktioun, ass och net als zoulässeg jugéiert ginn, mam Verweis op d'Gesetz zu Lëtzebeurg. Méi kompliziéiert gëtt et, wann et bei Flüchtlingen oder och Residenten eng ganz Famill mat Kanner betrëfft. Hei stellen sech eng ganz Rei Froe wéi een dës Famillje kann ënnerstëtzen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Wann eng Famill mat Kanner hei zu Lëtzebuerg hir Wunneng aus wéi enge Grënn och ëmmer verléiert, den Office Social an de Fonds du logement keng Wunnenge fräi huet, wéi eng Hëllefe ginn esou enger Famill op staatlecher Säit ugebueden?
2. Wann Familljen aus anere Länner mussen op Lëtzebuerg flüchten, wéi eng Léisunge kann ee ganze Familljen ubidde fir hir spezifesch Besoine wéi dee vun der Privatsphär respektéieren ze kennen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten